N° 10
Entrée le 08.11.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Michel Wolter
Luxembourg, le 09.11.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Michel WOLTER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/11/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Sozialversécherung weiderzeleeden.**

Am September huet de Minister ugekënnegt, dass d'Software fir de PID, de Payement immédiat direct, mat deem d'Patient:innen hei am Land just nach hiren Deel vun der Rechnung iwwerhuele mussen, prett fir d'Installatioun wier. An enger éischter Linn soll de Programm bei de Generalisten installéiert ginn, äert duerno Zänndokteren an Spezialisten un d'Rei kommen. Gläichzäiteg goufen 625€ pro Installatioun an Aussiicht gestallt, fir den Dokteren een finanziellen IncentiveU reiz unzebidden.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Bei wéi villen Generalisten ass de Programm fir de Payement immédiat direct bis elo installéiert ginn?
2. Wéi vill Prozent vun alle Generalisten hei am Land sinn antëscht mat dem Programm ekipéiert ginn?
3. Wéini ka mat enger Installatioun bei den Zänndokteren an anere Spezialisten ugefaange ginn?
4. Fir wéi ee Montant goufe bis elo déi fir d'Installatioun proposéierte finanziell Ureizer un Dokteren ausbezuelt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten